

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2020


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Aus engem Lieserbréif, deen am Tageblatt an op RTL verëffentlech ginn ass, kommen Uschëllegungen an der Affär vum Baustopp fir eng Crèche zu Biekerech. Concernéiert ass heiran och de Kulturministère. Dowéinst wéilt ech der Madamm Kulturminister an der Madamm Banneminister dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt déi Zon, an där d'Crèche läit, bei där ouni Geneemegung e Bongert ewech gemaach ginn ass, al Bausubstanz huet, sou datt de „Service des Sites et Monuments Nationaux“ hätt missen ageschalt ginn, ier d'Gemeng eng Geneemegung hätt kéinte ginn, fir eng Scheier ewech maachen ze loosseren?
2. Weess de Ministère anzeschätzen, op dës Scheier eventuell schützenswäert gewiescht wär, an huet hien eng Dokumentatioun iwwe esou Gebaier?
3. Ass et richtig, datt den 3. Juni 2019 privatersäits eng Demande gemaach gi war, fir dës Scheier ënner Denkmalschutz ze stellen? Wéi wäit ass esou eng Demande vun den zoustännege Zerwisser traitéiert ginn? Ass et méiglech ze soen, op dës Scheier d'Bauarbeiten un der Crèche definitiv verhënnert hätt, wann de Kulturministère si fir schützenswäert befonnt hätt?
4. Wat fir Sanktioune stinn drop, wann een e schützenswäert Gebai ouni Geneemegung ofrappt?
5. Ass de Banneministère wëlles, ze préiwen, op d'Geneemegungsprozedur vun der Gemeng Biekerech korrekt ofgelaf ass an op all Instanzen - a besonnesch de Service des Sites et Monuments nationaux - virum Ofrappen informéiert gi sinn? Wat fir Sanktioune gesäit d'Gesetz fir fir Geneemegungen, déi Gemengen ausstellen, ouni e kompletten Dossier ze hunn oder ouni all Instanzen informéiert a consultéiert ze hunn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten